Gewässervertrag Attert / Contrat de Rivière Attert

ECH IESSEN BLUMMEN

Maison de l'Eau de l'Attert a.s.b.l. 43, Grand-Rue L-8510 Redange T +352 26 62 08 08 maison.eau@attert.com www.attert.com

Ech iessen Blummen

Wann Dir vun de wëlle Kraider hire Blumme wëllt profitéieren, dann ass elo de Moment! Bei eis kritt Dir gratis Blumme-som vu Wëllkraider aus eenheemëscher Produktioun, an op Demande schaffe mir fir Iech ee Konzept fir een Naturgaart aus.

Je mange des fleurs

C'est le moment de profiter des fleurs sauvages ! Si vous n'en avez pas encore dans votre jardin, nous vous proposons des sachets pour semer une prairie fleurie ou bien nous élaborons un concept pour un jardin naturel chez vous.

Een Naturgaart bei Iech doheem

Äert Grondstéck bitt ee grousst Potenziel fir den Insekten, Vullen an aner Mamendéieren an de Wunngebidder ze hëllefen.

Nom grousse Succès vum leschte Joer, bidde mir Iech dëst Joer dowéinst och erëm un fir een Naturgaartprojet bei Iech doheem ze plangen. Mir kenne bei Iech komme fir Iech ze beroden a wann Dir wëllt, kenne mir Iech och ee Konzept vun engem Naturgaart ausschaffen.

Mir verrechnen 100 € fir esou een Naturgaartkonzept mee Dir kritt déi 100 € vun ärer Gemeng zréck, wann Dir de Projet innerhalb vun 2 Joer ausgeféiert hutt.

Dëse Service ass reservéiert fir d'Awunner vun de Gemengen aus dem Gewässervertrag Attert. Méi Infoen op www.attert.com oder 26 62 08 08

Dëst Joer kenne mir 10 esou Projeten unhuelen.

Un jardin naturel chez vous

Il y a un énorme potentielle sur votre parcelle pour aider les insectes, les oiseaux et autres mammifères des zones d'habitations.

Après le grand succès de l'année passée pour nos concepts de jardins naturels, nous vous proposons cette année aussi de planifier vos alentours de maison. Nous pouvons venir chez vous pour vous conseiller, et si vous le souhaitez, nous pouvons élaborer pour vous un concept de jardin naturel.

Nous facturons ce concept 100€, mais votre commune vous rembourse ces 100 € si vous réalisez ce projet dans un délai de 2 ans.

Ce service est réservé aux habitants des communes partenaires du contrat de rivière Attert. Plus d'Infos sur www.attert.com ou 26 62 08 08

Cette année nous pouvons réaliser dix de ces projets.

Eng Blummewiss an de Gäert

Wei all Joer, bitt d'Waasserhaus Iech, am Kader vun der Campagne ouni Pestiziden, Titercher mat Blummewisesom un.

Dëse Blummesom enthält eng Mëschung mat zu Lëtzebuerg eenheemeschen Aarten. Si ass gutt fir d'Beien an erhéicht d'Biodiversitéit an ärer Wiss. Mir hunn gratis Titercher fir 1 m² Wiss (maximal 5 Titercher pro Haushalt) an Tuten fir 30 m² zum Preis vun 15 €.

Disponibel ass dëse Blummesom an der Infostuff, um 43, Grand-Rue zu Réiden.

Kontaktéiert eis per Email ënnert maison.eau@attert.com. Mir fannen eng Méiglechkeet fir Iech de Blummesom zoukommen ze loossen.

Kuckt och emol hei:
www.ounipestiziden.lu/blummen-ouni-pestiziden-html

Prairies fleuries dans vos jardins

Comme chaque année la Maison de l'Eau vous propose, dans le cadre de la campagne sans pesticides, des sachets de semences pour prairie fleurie.

Ces sachets contiennent un mélange avec des espèces indigènes au Luxembourg. C'est bien pour les abeilles et pour encourager la biodiversité dans vos jardins. Nous avons des sachets gratuits pour une surface de 1 m² (maximum 5 sachets / ménage) et des sachets pour 30 m² au prix de 15 €.

Les sachets sont disponibles à l'Infostuff au 43, Grand-Rue à Redange.

Contactez-nous par email sous maison.eau@attert.com. Nous trouverons un moyen pour vous parvenir les sachets.

Allez également voir sur:
www.ounipestiziden.lu/blummen-ouni-pestiziden-html

Huet Dir eng Reewaasseranlag ?

Ass Är Reewaasseranlag méi al wéi 3 Joer, da wiere mir frou vun ären Erfarungen ze héieren. Wéi sidd Dir zefridden domat? Benotzt Dir se fir de Gaart, d'Toilett oder d'Wäschmaschinn? Huet Dir se am Gaart oder am Keller stoen? Ass et eng aus Beton oder aus Plastik? Hutt Dir de Filter an der Cuve oder bausse separat installéiert?

Wat funktionéiert gutt, a wat manner gutt? E sëllege Froen, déi sech jidderee stellt, deen eng nei Anlag wëllt installéieren. Fir déi nei Bauhäre besser kënnen ze informéiere géife mir dowéinst gären op bestoend Erfarungswäerter zréckgräifen.

Kontaktéiert eis, fir dat mir Iech e puer Froen iwwert Är Anlag kënne stellen. **Als Remerciement schenke mir Iech eng Tut Blummesom fir eng ca. 30 m² grouss Wëllblummewiss unzeséinen**.

Possédez-vous un système de récupération d'eau de pluie ?

Votre système de récupération d'eau de pluie à plus de 3 ans, alors nous serions heureux d'avoir votre avis. En êtes-vous satisfait ? L'utilisez-vous pour le jardin, les toilettes ou la machine à laver ? La cuve est elle placée dans votre jardin ou dans la cave ? Elle est en béton ou en plastique ? Avez-vous le filtre placé dans la cuve ou installé séparément ?

Qu'est-ce qui fonctionne bien et moins bien ? Beaucoup de questions, que chacun se pose, qui souhaite installer un système de récupération d'eau de pluie. Afin de pouvoir mieux informer les maîtres d'ouvrage, nous souhaitons recourir à votre expérience.

Contacter nous, afin que nous puissions vous poser quelques questions sur votre installation. ***En remerciement nous vous offrons un sachet de semences pour semer chez vous environ 30 m² de fleures sauvages***.

Maison de l'Eau de l'Attert a.s.b.l. 43, Grand-Rue L-8510 Redange T +352 26 62 08 08 maison.eau@attert.com www.attert.com